N°144
Entrée le 19.01.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

**Äntwert vum Finanzminister, Gilles Roth, op d'parlamentaresch Fro n°144 vum 3. Januar 2024 vum éierbaren Deputéierte Marc Goergen**

Wéi et am Artikel 135 vum Akommesteiergesetz (L.I.R) virgesinn ass, gi Steieravancë prinzipiell op Basis vun der leschter Besteierung festgesat. Desweidere kann d'Steierverwaltung d'Avancen upasse, wann Elementer bekannt sinn, déi eng Reduktioun oder eng Erhéijung rechtfäerdegen. Eng allgemeng automatesch Upassung vun den Avance wéinst e.a. enger Adaptatioun vum Barème oder dem Entfale vun enger Indextranche ass net virgesinn.

Net adaptéiert Steier-Avancë féieren net onbedéngt zu méi héije Réckbezuelungen un déi betraffe Stéit, virun allem wann ee berücksichtegt, datt op der enger Säit d'Avancen op Basis vun der leschter Besteierung festgesat goufen (z.B. d'Steierjoer 2022 oder 2021), wou déi professionell Revenue fir d'Steierjoer 2024, bedéngt duerch d'Indexéierung, gegeebenefalls méi héich ausfale wäerten, an datt op der anerer Säit de Steierbarème fir d'Steierjoer 2024 ëm 4 Indextranchen ugepasst gouf.

Esou soll de Steierzueler sech un de leschten Tableau vun den Avancen halen, deen hie vun der Steierverwaltung gescheckt kritt huet. Zënse gi gerechent, wann de Steierzueler d'Echeance vun de festgesaten Avancen net respektéiert. Den uewegenannten Akommessteierartikel gëtt awer dem Steierzueler d'Méiglechkeet iwwert de Wee vun enger motivéierter Ufro seng Avancen upassen ze loossen, falls seng steierlech Situatioun sech wesentlech verännert.

Am Fall wou et bei engem « proaktiv adaptéierten Zeréckbezuele » vun den Avancë säitens dem Steierzueler zur Fixatioun vun Zënse kënnt, a sech effektiv sollt erausstellen, datt déi initial fixéiert Avancen ze héich waren, gesäit den Artikel 155 (4) L.I.R. vir, datt bei all Reduktioun vun der Steier e Recalcul vun den Zënse stattfënnt.

Am groussherzogleche Reglement vum 22. Dezember 1981 zum Artikel 155(4) L.I.R. gëtt weider präziséiert wat d'Avancë betrëfft, datt bei esou engem Recalcul vun den Zënsen d'Imputatioun vun der Reduktioun vun der Steier ob all eenzel Echeance vun den Avancë gläichméisseg verdeelt gëtt fir de Remboursement ze rechnen.

Et ass och keng Fro vu Budget dee misst virgesi ginn, vu datt d'Réckbezuelung iwwert dee selwechten Article budgétaire leeft iwwert deen d'Steieren och era kommen.

Lëtzebuerg, den 18. Januar 2024

De Finanzminister

(s.) Gilles Roth